N° 7573
Entrée le 10.03.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Égalité entre
les femmes et les hommes

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir d'Gläichstellung tëschent Fraen a Männer a vum Här Aussen- an Europaminister op d'parlamentaresch Fro n° 7573 vum 9. Februar 2023 vum Här Déprutéierten Fernand Kartheiser**

Déi aktuell Campagne vum Ministère fir Egalitéit tëschent Fraen a Männer iwwert d'Thema Sexismus ass an Zesummenaarbecht mam Europarot ausgeschafft ginn, an orientéiert sech a senger Ausriichtung un den Themen, déi vun dëser Campagne ugeschnidden ginn.[1] An dëser Campagne geet et drëms generell iwwert de Sexismus an eiser Gesellschaft opzeklären. Deen an der Ufro opgeworfene Sujet vun geschlechtsspezifeschen Ofdreiwungen gëtt weder an der Campagne vum Europarot, nach an der Campagne vum Gläichstellungsministère abordéiert. Ofstëmmungen iwwert Resolutioune vun der UN-Generalvollversammlung sinn ëffentlech zougänglech.[2] D'Resolutioun „The Girl Child" gëtt all Joer op e Neits präsentéiert. Traditionell gëtt des net-verbindlech Resolutioun ouni Vott, also per Konsens, adoptéiert. Sou och 1997.

Lëtzebuerg, den 10. Mäerz 2023

Ministesch fir d'Gläichstellung tëschent Fraen a Männer

(s.) Taina Bofferding

[1] https://human-rights-channel.coe.int/stop-sexism-en.html
[2] https://research.un.org/en/docs/ga/quick/regular/77